## 17.01.1985 Grëndungsversammlung

Haut em 8 Auer owes sinn an Schoul zu Wis 58 Leit zesummekom fir e Veräin ze grënnen, deen als éischten Zweck d'Verschéinerung an d'Beliewung vu Wis soll hunn.

Den Här Arsène Wies, Scheffe vun der Gemeng Munnerëf, huet en éischt Wuert un d'Leit geriicht an hinnen d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng zougesot.

Den Här Jos Braun huet als Zweck vun dëser éischter Versammlung d'Opstelle vun engem provisoresche Comité genannt an och gläich d'Kandidaten opgeruff, sech ze mellen.

An de Comité hunn sech dorophin gemellt :

| | | |
|---|---|---|
| Beckius Marco | Putz Marco | Stark-Schmit Marcelline |
| Berscheid Jean | Putz René | Steichen Diane |
| Braun Jos | Raguet Michel | Steichen Marco |
| Demany Gérard | Renckens Jean-Paul | Stephany Françoise |
| Hein Gérard | Roger-Ronck Catherine | Tremuth Fernand |
| Maeder Michel | Schmit Jeff | Zambon René |
| Meyer-Riehl Marie-Jeanne | Schmit-Zwiebel Marlène | Zepp Gilbert |

Déi Leit hunn sech duerno och gläich fir déi éischt Comitéssëtzung zesummefond.

## 17.01.1985 1. Comitéssëtzung

De Comité constituéiert sech :
Präsident : Hein Gérard
Vizepräsident : Braun Jos
Sekretär : Tremuth Fernand
Caissier : Putz René

Fir dem Veräin en Ufangskapital ze verschafen stëft jidfer Comitésmember 100.- (honnert) Frang.

Donën ginn ugeholl vum Här Demany (100.- Flux) a vun de Fraen a Mammen (1.000.- Flux).

De Präiss vun de Memberskaarten soll op 150.- Flux festgeluegt ginn. Definitiv entscheed d'Generalversammlung.